# Dat neit ASBL Gesetz

vum 7. August 2023

Presentatioun vum Maître Marie-Claude FRANK

Notaire zu Grevenmacher

1. Juli 2024

# Objektiver vun der Reform

- Gesetz vum 21. Abrëll 1928: trotz Ofännerungen, net mei ugepasst un dat aktuellt Ëmfeld vun den ASBLen
- Projet vun der Reform vun 2009: Modernisatiounsbedarf (cf. Gesellschaftsrecht) an ëmmer nei Erausfuerderungen (RGPD – GAFI – EU – Covid – Digitalisatioun)
- Gesetz vum 7. August 2023: Ofännerunge fir:
    I. Mei Rechtssécherheet an Transparenz
    II. D'Organisatioun ze vereinfachen

# I. Rechtssécherheet an Transparenz

1. Ofännerungen am Grënnungsakt an an de Statuten
2. Nei Kontabilitéitsreegelen

   - jee no Gréisst vun der ASBL

   - ugepasste Verpflichtungen
3. Mei Depôten beim Handelsregëster (RCSL) (≠ ‘Registre des Bénéficiaires Effectifs’ – RBE)
4. Kontroll a Sanktiounen
   - Honorabilitéitskontroll fir Administrateuren
   - Administrativ Dissolutioun ouni Liquidatioun duerch den RCSL
   - Nullitéiten a penal Strofen

# 1. Ofännerungen am Grënnungsakt an an de Statuten

## OBLIGATORESCH MENTIOUNEN : fir all ASBL

- Numm, Virnumm, Adress (≠ **Nationalitéit**) vun all Fondateur-PP oder Setz an Immatrikulatioun fir all Fondateur-PM (am Grënnungsakt ≠ Statuten)
- Minimum vu Memberen (**reduzéiert op 2**)
- Gemeng vum Setz (≠ **ganz Adress**)
- Zweck a **Beschreiwung vun den Aktivitéiten** déi den Zweck erfellen (≈Objet?): **Substanz zu Lëtzebuerg** !
- Bedingungen net nëmme fir d'Ernennung (! Honorabilitéitskontroll fir Administrateuren fir ASBLen d'UP !) ma och fir d'Ofbestellen an d'**Dauer vum Mandat** fir d'Administrateuren (max. 6 Joer, erneierbar), souwéi fir all Delegéiert mam deegleche Geschäft an de Réviseur d'entreprise agréé (REP)
- Destinatioun vum Patrimoine bei der Opléisung: Affektatioun un eng ASBL oder Fondatioun d'utilité publique (UP), eng société d'impact sociétal (SIS) mat 100% Kapital vu parts d'impact, de Staat, eng Gemeng oder en établissement public
- Dauer **falls net onbegrenzt**
- Per Memoria : weider Mentioune wei am Gesetz vun 1928 sinn (i) de Numm vun der ASBL an (ii) de maximale Betrag vun de Kotisatiounen

## FAKULTATIV MENTIOUNEN : fir méi Flexibilitéit a Kloerheet – jee no Bedarf vun den ASBLen

- Bedingunge fir **Member-Adhérent** ze ginn an hir Rechter a Verpflichtungen (≠ Rechter a Verpflichtungen vun de Memberen aus dem Gesetz)
- Autorisatioun fir Entscheedunge vum Verwaltungsrot schrëftlech (‘circulaire’) ze huelen
- Vertriedung- an **Ënnerschrëftsreegel**
- Delegatioun vum deegleche Geschäft
- Bedeelegung duerch Telefon- oder Videokonferenz un de Sëtzungen vum Verwaltungsrot a vun der Assemblée Générale (AG) – **Versammlungen ‘à distance’**
- Vertriedung duerch en Drëtte bei de Versammlunge vun der AG
- Bestëmmung iwwer Punkten déi net um Ordre du Jour fir eng AG stinn
- Bedingungen a Prozedur fir eng **fraïwëlleg Opléisung**

## Fir e Modell vu Statuten:

https://benevolat.lu/uploads/event/MODELE%20Statuts%20novelle%20loi%20V14112023.docx

# Vade mecum fir d’Statutenupassung:

- Wéini ? → Virum 23. September 2025!
  - Ouni Stress an ouni Sanktioun (Verpflichtung!)
  - Fir mei Flexibilitéit (duerch d’Optioune vum neie Gesetz) a Rechtssécherheet (Risk vu Konflikt tescht Statuten an neiem Gesetz)
- Wei eng Upassungen → Wien entscheet ?
  - Analyse fir ze kucken: wat feelt a muss dran - wat ass net conforme (2 Organen - mindestens 3 Administrateuren, max. Dauer vum Mandat vu 6 Joer, Bedingungen fir d’Aruffen vu Setzungen …) - wei eng Optiounen?
  - Fir einfach Upassungen (Referenzen op dat neit Gesetz – Numerotatioun): Verwaltungsrot
  - Fir mei spezifesch (Text-)Upassungen: Generalversammlung vun de Memberen (AG)

- Gesetz vun 1928 an aktuell Statute → Wei eng Prozedur ?
  - Aruffe laut aktuelle Statuten (Delai – Form – Ordre du Jour mat Text-Virschléi)
  - Quorum: 2/3 vun de Memberen – Majoritéit: 2/3 vun de Stemmen (3/4 fir Ofännerung vum ASBL's Objet)
  - Falls d'Bedingungen net erfëllt sinn bei der 1. AG: → Aruffe vun enger 2. AG
    - Quorum: keen (½ vun de Membere fir Ofännerung vum ASBL's Objet)
    - Majoritéit: einfach (¾ vun de Stemme fir Ofännerung vum ASBL's Objet)
    - Plus: Homologatioun vum Geriicht fir all Ofännerung (ausser vum ASBL's Objet: hei Homologatioun vum Geriicht falls e Quorum vun 2/3 net erfëllt ass bei der 2. AG)

    (cf. Modell fir d'Homologatioun unzefroen:

    https://myasbl.lu/wp-content/uploads/Modele-de-demande-dhomologation-au-Tribunal-dArrondissment.pdf)

# 2. Nei Kontabilitéitsreegelen

D'ASBLe ginn an 3 Kategorien opgedeelt: wann si mindestens 2 Krittäre vun den 3 wärend 2 Joer erfëllen.

| Klassifikatiouns-krittären | Kleng ASBL | Mëttel ASBL | Grouss ASBL (an ASBL d'UP) |
|---|---|---|---|
| Personal | KA < 3 | 3 ≤ MA < 15 | GA ≥ 15 |
| Total Akommes | KA < € 50.000 | € 50.000 ≤ MA < € 1.000.000 | GA ≥ € 1.000.000 |
| Total Actif | KA < € 100.000 | € 100.000 ≤ MA < € 3.000.000 | GA ≥ € 3.000.000 |

# Klassifikatioun an 3 Kategorien: KA – MA – GA (an ASBL d'UP)

## Wei?

1) **Personal:** nëmmen Leit ënnert engem Aarbechtsvertrag (≠ Mandat am Verwaltungsrot, REP, Benevollen) – vollzaïtbeschäftegt – am Duerchschnëtt
2) **Akommes:** d'Kotisatiounen, Akommes bei den ASBL Aktivitéiten – Schenkungen, d'Subventiounen, Kreditzënsen bei ugeluechter Tresorerie, ≠ Verkafsprais vun Investissementer (Maschinnen/Material), …
3) **Aktiva:** Immobilien, Miwwelen, Equipementer, Maschinnen, Material, Stock, Créances, Keess, Suen op der Bank … (laut Inventar)

## Ab wéini?

1) **Fir all besteeënd ASBL**: nei Kontabilitéitsreegelen fir den 1. Exercice (i) nodeems d'Statuten un dat neit Gesetz ugepasst goufe virum 24. September 2025, oder (ii) nom 24. September 2025 falls d'Statute bis dohin nach net un dat neit Gesetz ugepasst goufen
2) **Fir all nei ASBL:** direkt déi nei Kontabilitéitsreegelen (d.h. fir déi eischt 2 Joer: Kategorie KA)

D’Kategorie KA – MA – GA leeën d’ Kontabilitéits-pflichten fest.

| Kategorien vun ASBLen | KA | MA | GA |
|---|---|---|---|
| Wei eng Kontabilitéit? | Comptabilité de caisse: recettes-dépenses | Comptabilité en partie double | Comptabilité en partie double |
| Wei eng Dokumenter (ze erstellen an ze deposéieren)? | - Etat de recettes et dépenses<br>- Annex<br>- Budget (net ze deposéieren) | - Bilan<br>- Compte pertes-profits<br>- Annex<br>- Budget (net ze deposéieren) | - Bilan<br>- Compte pertes-profits<br>- Annex<br>- Budget (net ze deposéieren) |
| Revisioun/Audit? | Nee | Nee | Jo - Rapport vum REP ze erstellen an ze deposéieren |
| Fristen?<br>- Approbatioun - AG<br>- Depôt beim RCSL<br>- Archivage | < 6 Méint no Clôture<br>< 7 Méint no Clôture<br>10 Joer | | |

# 3. Depôten bei de Regësteren

**BEIM RBE** (cf. Gesetz vum 13. Januar 2019)**:** keng Ännerung!

- Am Prinzip sinn d'Membere vum Verwaltungsrot als Bénéficiaires Effectifs unzeginn (! 1 Mount no all Ännerung !)
- Gefroten perséinlech Daten: Numm, Virnumm, Wunnsëtz, Gebuertsdatum an Gebuertsland, Nationalitéit an Identifikatiounsnummer (weinst RGPD net verëffentlecht)
- Strofen vun EUR 1.250 un wann d'Depôten net (richteg) gemaach ginn

## BEIM RCSL:

### Onverännert:

- Obligatoresch Immatrikulatioun fir d'Rechtsperséinlechkeet!
- Grënnungsakt a Statuten – Administrateuren – Adress vum Setz – Opléisungsdecisiounen (AG oder Geriicht) – Liquidateuren – Affektatioun vum Patrimoine bei der Opléisung

### Hëllef um www.lbr.lu:

https://www.lbr.lu/mjrcs/jsp/secured/webapp/static/mjrcs/fr/mjrcs/asblPageWeb.html?FROM_MENU=true&time=1719520658682&pageTitle=menu.item.**geninfoasbl**&currentMenuLabel=menu.item.geninfoasbl

! LBR met à disposition un bureau d'assistance dans ses locaux (majoration tarifaire de 20 EUR) : je peux prendre rendez-vous en contactant le Helpdesk au 26 42 81 !

# BEIM RCSL:

Nei:

- Statutenännerungen ginn integral (≠ Auszuch) verëffentlecht
- Koordinéiert Statute si per Mentioun ze verëffentlechen
- Kontabilitéit fir all ASBLen (net nëmmen fir Verfügungen > €30.000 ze kréien) gëtt verëffentlecht, plus Annex (nëmmen ze deposéieren):
  - Unzuel vu Membere per Tranche (p.ex. <10; tëscht 10-50; 50-100 …)
  - Volume vu Finanzementer un aner Persounen (PM)
  - Schätzung a % vun Aktivitéiten zu Lëtzebuerg, an aneren EU-Länner an ausserhalb vun der EU
  - Schätzung vu Fongen-Transferten an aner EU-Länner an ausserhalb vun der EU

# 4. Kontroll a Sanktiounen

- Honorabilitéitskontroll bei der Ufro fir de Statut vun ASBL d’UP:
  - Nofro vum Casier Judiciaire (oder Equivalenz fir d’Ausland) fir all Member vum Verwaltungsrot
  - Preifung ob all Virfall mat der Justiz net inkompatibel mat der Ausübung vun den ASBL-Aktivitéiten ass
  - Kontroll no 5 Joer falls säitdeem keng Neiernennung mat Honorabilitéitskontroll gemaach ginn ass

- Administrativ Opléisung ouni Liquidatioun duerch den RCSL:
  - Wa säit 5 Joer keen Depôt beim RCSL gemaach gouf an säit 6 Méint keng Mise à Jour op Ufro vum RCSL

- Notifikatioun un d’ASBL a Verëffentlechung beim RCSL vun der Ouverture vun der Opléisungsprozedur
- Recours um Zivilgeriicht (référé) ass méiglech
- Spéitstens no 6 Méint gëtt d’Prozedur ofgeschloss: = Perte vun der Rechtsperséinlechkeet a Radiatioun vum RCSL

- Geriichtlech Sanktiounen:
  - Nullitéit vun der ASBL falls (i) Numm, Zweck a Setz an de Statute fehlen, (ii) Zweck oder Aktivitéiten net legal sinn, oder (iii) d’ASBL net mindestens 2 Fondateuren huet
  - Penal Strofen (Amenden bis €25.000 a Prisong vun 1-5 Joer) bei ‘abus de biens’ an ‘abus de pouvoirs’ duerch de Verwaltungsrot oder d’Memberen

# II. Vereinfachung vun der Organisatioun

1. Um Niveau vum Patrimoine
   - Immobilien
2. Um Niveau vun den 2 Associatiounsorgane : Memberen/AG - Verwaltungsrot
   - Keng Memberslëscht mei um RCSL ze deposéiren, ma interne Regëster
   - Keng Homolgatiounsprozedur mei fir Statutenännerungen
   - Mei gesetzlech Richtlinnen an duerch Digitalisatioun
3. Fir Restrukturatiounen: op Transformatioun oder Fusioun

# 1. Vereinfachung bzg. Patrimoine

- Kee Verbuet mei fir Immobilien ze halen déi net gebraucht gi fir den Zweck vun der ASBL
  - Virdrun hunn d’Immobilien missten innerhalb vu 6 Méint verkaf ginn
  - Elo kennen si am Besetz vun der ASBL bleiwen, ënnerhale ginn a gebraucht ginn sou datt eventuellt Akommes kann dem Zweck dengen fir z.B. Aktivitéiten ze finanzéieren

# 2. Vereinfachungen bzg. Associatiounsorgane

- D'Lescht vun de Membere brauch net mei all Joers opgestallt a beim RCSL fristgerecht deposéiert ze ginn.
  - Am Platz kennt en interne Regëster (z.B. an elektronescher Form) mat Numm, Virnumm a Wunnsëtz vun de Memberen-PP (≠ Nationalitéit) oder Numm, Form, Setz an Immatrikulatioun vun de Memberen-PM
  - Reegelméisseg Mise-à-jour: 1 Mount no Ännerung
  - Zougang fir Memberen an ëffentlech Autoritéiten (z.B. AML)

- D'Homologatiounsprozedur fir AGen gouf ofgeschaaft!
  - Aruffe vun all AG **15 Deeg** am Viraus – op Pabeier oder elektronesch
  - Vertriedung bleift méiglech, ma och duerch en Drëtte wann d'Statuten et virgesinn
  - Ofhale vun der Versammlung **op Distanz** méiglech falls d'Statuten et virgesinn
  - **Quorum**: keen ausser fir Statutenännerungen (2/3 vun de Memberen)
  - **Majoritéit**: 50%+1 vun de Stëmmen ausser fir Statutenännerungen (2/3 vun de Stemmen vu Memberen déi do oder vertruede si oder 3/4 vun de Stemmen vu Memberen déi do oder vertruede si fir Zweckofännerungen)
  - Falls de Quorum net erfëllt ass bei der 1. AG: ⟹ Aruffe vun enger 2. AG op mannst 15 Deeg no der 1. AG an 8 Deeg am Viraus
    - Quorum: keen
    - Majoritéit: wei bei der 1. AG

- Méi gesetzlech Richtlinnen (≈ wei bei Gesellschaften – Digitalisatioun) fir d'Organisatioun vum Verwaltungsrot:
  - Aruffe vun de Sëtzungen op mannst **8 Deeg** am Viraus - op Pabeier oder elektronesch
  - Vertriedung duerch en aneren Administrateur (1x)
  - Ofhale vun der Sëtzung **op Distanz** méiglech falls d'Statuten et virgesinn
  - **Quorum**: ½ vun den Administrateuren
  - **Majoritéit**: 50%+1 vun den Administrateuren déi do oder vertruede sinn
  - Méiglechkeet fir eng Delegatioun vum deegleche Geschäft ze maachen (laut Bedingunge vun de Statuten a mat dem Accord vun der AG)

# 4. Restrukturatiounsméiglechkeeten

- Transformatioun d.h. Form-Ännerung vun ASBL op Fondatioun oder ASBL op société d'impact sociétal (SIS)
  - Ouni Opléisung (mat Liquidatioun) a Verfall vun der Rechtsperséinlechkeet!
  - Dokumenter: Rapport vum Verwaltungsrot – Statuten-Projet – finanziell Opstellung (Actif-Passif; < 6 Méint al bei der AG) – Rapport vun engem REP (vum Verwaltungsrot bestallt)
  - Averständnis vun der AG: Bedingunge wei eng Statutenännerung
  - Weider Bedingung fir Transformatioun an eng Fondatioun: Accord vum Justizministère zum Projet vum Transformatiounsakt
  - Depôt beim RCSL mat Veröffentlechung vun der AG

- Fusioun d.h. Zesummeschléissen vun 2 oder mei ASBLen an 1 (besteeënd oder nei) ASBL
    - Ouni Opléisung (mat Liquidatioun) a Verfall vun der Rechtsperséinlechkeet!
    - Dokumenter: gemeinsame Fusiounsrapport vun de Verwaltungsreit (Motiver an d'Modalitéiten – eventuell Projet vun neie Statuten) – finanziell Opstellung fir all bedeelegt ASBL (Actif-Passif; < 6 Méint al bei der AG) – Rapport vun engem REP (vun de Verwaltungsreit bestallt)
    - Averständnis vun der AG fir all bedeelegt ASBL: Bedingunge wei eng Statutenännerung
    - Depôt beim RCSL mat Verëffentlechung vun den AGen
    - Effete: d'Fusioun ass gemaach (d.h. Transfert vum Patrimoine als Universalitéit!) wann all AGen hiren Accord ginn hunn (oder duerch d'Immatrikulatioun beim RCSL vun der neier ASBL) – nobaussen gëtt d'Fusioun wierksam no der Verëffentlechung

# FIR OFZESCHLÉISSEN

1. Prioritéit: d'Statutenupassung virum 23. September 2025 (bei dëser Analyse, och kucke wei eng Kontabilitéitsreegelen an Zukunft spille wärten)
2. Ab dem 24. September 2025: d'Kontabilitéit ggf. upassen an intern sech reorganiséieren (interne Regëster – Depôt/ Verëffentlechungsformalitéiten …)

**Merci fir d'Nolauschteren!**

Droits d'auteur réservés

# WEIDER INFORMATIOUNSQUELLEN

- https://myasbl.lu
  - cf. Le guide comptable de la petite association – https://myasbl.lu/wp-content/uploads/guide-comptable-petite-association.pdf
- https://benevolat.lu
  - cf. FAQ - https://benevolat.lu/espace-ressources/creation-dune-asbl/les-etapes-pour-creer-une-asbl
- www.lbr.lu
  - Cf. Comment adapter les statuts de mon ASBL à la nouvelle loi de 2023 ? - https://www.lbr.lu/mjrcs/jsp/secured/webapp/static/mjrcs/fr/mjrcs/pdf/faq_statuts_asbl.pdf?time=1719740252275
- https://guichet.public.lu/fr/citoyens/loisirs/milieu-associatif/engagement-benevole/creation-asbl.html